



Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le
Parlement

REÇU
Par Alff Christian, 16:05, 13/05/2020

Luxembourg, le 13 mai 2020

Référence : 831xe13d8

Objet : Question parlementaire n°2185 du 12 mai 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet des impôts de l'indemnité pécuniaire de maladie

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°2185 du 12 mai 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet des impôts de l'indemnité pécuniaire de maladie.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Romain SCHNEIDER
Ministre de la Sécurité sociale

Annexe(s) : Réponse à la question parlementaire n°2185



Äntwert vum Minister vir sozial Sécherheet op déi dréngend parlamentaresch Fro n° 2185 vum Här Deputéierten Jeff Engelen iwwert d'Ofhaalen vun de Steieren beim Krankegeld

Fir d'Betriber am Kader vun der COVID-19-Pandemie ze entlaaschte bezilt d'Gesondheetskeess (CNS) vum éischten Abrëll 2020 un bis zum leschten Dag vum Mount wou den Etat de crise eriwwer ass d'Krankengeld direkt un déi betraffe Persounen.

Dofir kritt CNS effektiv d'Steierkaarten automatesch all Dag iwwer Fichier-Transfert vun der Steierverwaltung.

Dat klappt an deenen allermeeschte Fäll, an do gëtt och dee richtege Steiertaux direkt applizéiert. Am Mount Abrëll 2020 sinn 39201 Salaré mat Steierkaart, dat heescht mam richtege Steiertaux bezuelt ginn, an 2865 ouni Steierkaart. Dovunner waren 1618 (4,13%) Salaréen.

Fir déi Fäll wou d'CNS vun der Steierverwaltung déi Donnéeën net kritt, applizéiert si par Defaut den Taux vun 33%, dat an der Optik fir de Leit awer kënnen eppes auszebezuelen an net mussen op déi Donnéeë vun der Steierkaart ze waarden. Deen Paiement ass de Moment u sech als eng Avance ze gesinn.

Soubal d'CNS déi Informatioun vum richtege Steiertaux kritt, mécht si en rectificatif a bezilt de Solde. Déi Informatioun vum richtege Steiersaz kann d'CNS vum Assuré, vum Patron oder vun der Steierverwaltung kréien. Et muss och keng Steiererklärung gemaach ginn an et dauert net bis dat nächst Joer. Fir dass et sou séier wéi méiglech klappt kënnen déi betraffe Leit der CNS direkt eng Kopie oder eng Photo vun hirer Steierkaart schécken.

D'CNS iwerhëllt deen Taux deen op der Steierkaart steet. Wann eng Persoun en Steierkredit ausbezuelt kritt, an déi Informatioun op der Steierkaart steet, da gëtt dee vun der CNS mat applizéiert.

Wat d'Delaien ugeet ënnerhalb vun deenen déi betraffe Leit domat kënne rechnen sou ka gesot ginn, dass vun deem Moment un wou d'CNS de richtege Steiertaux kennt, direkt de rectificatif ka gemaach ginn. An der Praxis kann een soen dass et ongeféier 14 Deeg dauert bis dass d'Leit déi Differenz op hirem Compte hunn.